



Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/10/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aarbecht & Gläichheet tëscht Fraen a Männer weiderzeleeden.

Obwuel Mobbing duerch eng Villzuel un Artikelen aus internationalem a nationalem Recht an och duerch de groussherzogleche Reglement vun 2009 verbueden ass, kënn et a lëtzebuergesche Betriber ëmmer nach zu Situatiounen, an deenen Aarbechter humiliéiert, degradéiert oder psychologesch fäerdeg gemaach ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wei vill Uriff gongen am Joer 2019 an an deenen éischten 9 Méint vun 2020 bei der ITM wéinst Mobbing an? Wei vill Plaintë goufen deposéiert?
2. An enger Presentatioun zum Thema [Actions Positives](#) vum Chancëgläichheitsministère, rífft de Ministère Betriber op, fir hiert Personal zu *Responsables d'égalité* ze forméieren, déi am Fall vu Mobbing oder Diskriminatioun, den Affer sollen hëllefen. Huet de Ministère Zuele wéi vill esou Responsables d'égalité et an de Betriber ginn?
3. Am Règlement grand-ducal vum 15.12.2009 steet, dass am Fall, wou et zu Mobbing kënn, eng intern Evaluatioun muss vum Employeur gemaach ginn. Huet d'Affer Zougang zu dëser Evaluatioun? Falls nee, wéi stinn d'Ministeren zu enger verpflichtender Transmissioun vun dësem Dossier?
4. Wéi stinn d'Ministeren zu enger Charge de la preuve, déi just vum Aggresseur an dem Employeur gedroen gëtt?
5. D'Proposition de loi n°4979, 2002 vum Lucien Lux deposéiert, 2016 vum Taina Boefferding iwwerholl, koom tëschenzäitlech an aner Kommissiounen a 2018 läit säit erëm an der Aarbechtkommissioun.
An dësem Gesetzesprojet war ënnert anerem virgesinn, d'ass *Délégation du personnel* eng wichteg Roll spillt an der Protektioun vum Affer.

- Wat sinn am Moment d'Flichte vun enger Personaldelegatioun an esou enger



www.piraten.lu

Situatioun? Wéi ënnerscheeden se sech vun den Obligatiounen, déi am Artikel 5 vun der Proposition de loi festgehale sinn?

- Si momentan Schrëtt virgesinn, fir een Anti-Mobbing Gesetz, zum Beispill op der Basis vun der uewe genannte Proposition de loi, zu Lëtzebuerg anzeféieren?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Député

